**N° 4336**
Reçue le 21.05.2021
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.05.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

D'Memberstaaten vun der Europäescher Unioun an dat Europäescht Parlament hunn sech op ee Covid-19-Zertifikat gëeenegt. Dat huet déi portugisesch Rotsprésidence en Donneschdeg matgedeelt.

Et schéngt sech hei em ee Kompromëss ze handelen, bei dem net an Hoheitsrechter vun de jeeweilege Memberstaaten agegraff gëtt. Och den Zäitpunkt vun der Aféierung ass nach onkloer. Däitschland schwätzt zum Beispill vun engem elektroneschen „Impfnachweis" an dat „in der zweiten Hälfte des zweiten Quartals".

Virun dësem Hannergrond géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wat ass aus Lëtzebuerger Siicht genee d'Beschlosslag vum uewe genannte Kompromëss a Saache Covid-19-Zertifikat?

2. Wat fir Konsequenzen huet dëse Beschloss elo fir Lëtzebuerg a fir d'Leit, déi hei wunnen a schaffen?

3. Wéi gedenkt d'Regierung innepolitesch op déi europäesch Eenegung ze reagéieren? Wéi gesinn déi konkret Mesuren an d'Zäitrumm an dem Kontext aus?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Viviane Reding
Deputéitert

Laurent Mosar
Deputéierten

N° 4336
N° 4343
Reçue le 28.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 27 mai 2021

**Réf. :** 837xd3235

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 4336 du 21 mai de Mesdames les Députées Martine Hansen et Viviane Reding et de Monsieur le Député Laurent Mosar ;
Question parlementaire urgente n° 4343 du 21 mai de Mesdames les Députées Francine Closener et Cécile Hemmen et de Monsieur le Député Mars di Bartolomeo

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 4336 du 21 mai de Mesdames les Députées Martine Hansen et Viviane Reding et de Monsieur le Député Laurent Mosar et à la question parlementaire urgente n° 4343 du 21 mai de Mesdames les Députées Francine Closener et Cécile Hemmen et de Monsieur le Député Mars di Bartolomeo concernant le « Certificat numérique européen Covid ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Pour la Ministre de la Santé,**

**Anne CALTEUX**
**Premier Conseiller de Gouvernement**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 4336 du 21 mai de Mesdames les Députées Martine Hansen et Viviane Reding et de Monsieur le Député Laurent Mosar et à la question parlementaire urgente n° 4343 du 21 mai de Mesdames les Députées Francine Closener et Cécile Hemmen et de Monsieur le Député Mars di Bartolomeo concernant le « Certificat numérique européen Covid ».**

Den Accord deen d'läscht Woch zwëschen der Commissioun, dem Conseil an dem Europaparlament fonnt gouf, betrëfft den "EU Digital Covid Certificate" an huet no engem 4. politeschen Trilogue den 20. Mee 2021 folgend Haaptpunkten zréckbehalen ():

1. De Numm vum Certificat ass vun "Digital Green Certificate" op "EU Digital Covid Certificate" geännert ginn.
2. Et ass ee Passage iwwert "Affordable Testing" zréckbehale ginn, wou gesot gëtt, dass och dee méi bëllegen Antigen Schnelltest ka benotzt ginn fir e Certificat auszestellen. Parallel dozou huet d'Commissioun sech engagéiert weider 100 Milliounen Euro am Kader vum "Emergency Support Instrument" zur Verfügung ze stellen fir de Finanzement vu Covid-19 Tester.
3. Eng Rei Textpassage sinn adaptéiert ginn fir méi kloer ze stellen, wéi de Certificat d'Recht op fräi Circulatioun an Europa ënnerstëtzt.
4. Den Text ass och duerch e weideren Artikel (7a) ergänzt ginn deen d'Méiglechkeet gëtt e Certificat auszestellen, ënner bestëmmte Bedingungen, wa Leit an Drëttstaate geimpft goufen.
5. Schlussendlech gouf och gekläert, dass serologesch Tester als Beweis vun enger geheelter Covid-Infektioun ("Recovery") nëmme gëllen, falls kloer wëssenschaftlech Beweiser erbruecht ginn, dass si och dofir zouverlässeg sinn.

Den "EU Digital Covid Certificate" soll ab dem 1. Juli europawäit agefouert ginn, et gëtt awer domat gerechent, dass Lëtzebuerg eventuell schonns géint Mëtt Juni dofir prett wär. Et ass och eng Iwwergangsphase vu 6 Woche virgesinn.

De Certificat u sech ass nëmmen eng verifiabel a sécher Bestätegung, dass den eenzelnen Europabierger entweder geimpft ass, oder eng geheelten Infektioun hannert sech huet oder ee rezenten negativen PCR oder Antigen-Test gemaach huet. D'Grondiddi ass natierlech de Bierger erëm z'erméiglechen fräi ze reesen.

Wat fir Rechter schlussendlech domat verbonne sinn (z.B. Recht an d'Land anzereesen), décidéiert awer all Land selwer, baséierend op der aktueller epidemiologescher Situatioun (Inzidenz, Verbreedung vu Varianten, ... etc).